Le caractère urgent de la question a été reconnu (21.12.2020)

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

REÇU
Par Alff Christian , 07:55, 21/12/2020

n° 3349

Fernand ETGEN
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 20/12/2020

Här President,

Sou wéi den Artikel 84 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, d ë s dringend parlamentaresch Fro un de Premierminister an d'Ministere fir Mobilitéit & Gesondheet weiderzeleeden.

Wéi an der nationaler an internationaler Press haut iwwerall ze liesen ass, goufen et an England – virun allem am Südoste vum Land an zu London – Infektioune mat enger mutéierter Variant vum Coronavirus. Dem brittesche Gesondheetsminister no ass d'Situatioun ganz eescht ze huelen. Déi brittesch Regierung huet dofir bis zum Enn vum Joer ee strenge Lockdown bis zum Enn vum Joer ugeuerdent.

Vereenzelt EU-Länner, wéi d'Belsch, Holland an Italien, hunn aus Virsiichtsmoossnam sämtlech Passagéierverbindungen iwwert Loft a Schinn aus dem Vereenegte Kinnekräich suspendéiert. Och Regierungen aus anere Länner envisagéieren –Stand haut– dat nämmlecht ze maachen.

An deem Zesummenhang wéilte mir de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi evaluéiert d'Regierung d'Situatioun ëm déi mutéiert Variant vum Coronavirus am Vereenegte Kinnekräich?
2. Wäert d'Regierung, esou wéi eis Nopeschlänner, Passagéierfluchverbindungen tëscht Lëtzebuerg an dem Vereenegte Kinnekräich bis op Weideres sträichen?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Député

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

Luxembourg, le 23 DEC. 2020

Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec
le Parlement

Service Central de Législation
Luxembourg

REÇU
Par Alff Christian , 12:12, 23/12/2020

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer en annexe la réponse commune à la question parlementaire urgente N° 3349 du 21 décembre 2020 de Messieurs les députés Sven Clement et Marc Goergen au sujet de la mutation du virus au Royaume-Uni, tout en vous priant de bien vouloir en assurer la transmission à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Recevez, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments distingués.

François Bausch
Ministre de la Mobilité
et des Travaux publics

Adresse postale: L-2940 Luxembourg
Bureaux: 4, Place de l'Europe
Luxembourg/Kirchberg
Téléphone: 247-83301
Téléfax: 247 93308

Réponse commune du Ministre de la Mobilité et des Travaux publics, du Ministre des Affaires étrangères et de la Ministre de la Santé à la question parlementaire urgente N° 3349 du 21 décembre 2020 de Messieurs les députés Sven Clement et Marc Goergen au sujet d'une nouvelle souche de la Covid-19 en Grande-Bretagne

Wéi evaluéiert d'Regierung d'Situatioun ëm déi mutéiert Variant vum Coronavirus am Vereenegte Kinnekräich?

Di Variant B.1.1.7 déi lo a Groussbritannien vermehrt opgetrueden ass an a verschiddene Regiounen méi dominant virzefannen ass, ënnerscheed sech am wesentlechen duerch eng méi héich Ustiechungsrate. Et gëtt am Moment keng Hiwäiser, dass des Variant een Afloss ob de Krankheetsverlaaf oder souguer eng Stierwesrate huet. Laut Experten aus Groussbritannien ass d'Transmissioun 70% méi héich wie bei aner Varianten, wat de Reproduktiounsfacteur Reff ëm 0,4 an d'Luucht dréckt.

Et ass méiglech dass verschidden Antikierper duerch déi Virusmutatiounen des Variant vum Virus net méi sou gutt erkenne kënnen. Bis elo schéngt dat nach net wierklech ee Problem gewiescht ze sinn a weider Étuden wäerten do Opschloss ginn. Op de Vaccin schéngt des Variant och keen direkten Impakt ze hunn, mee och hei si weider Étuden néideg.

Déi Mutatioun ass an deem Deel vum virale Genome wou verschidde PCR -Tester usetzen. Déi PCR-Tester, déi zu Lëtzebuerg am Gebrauch sinn, erlaben et ob mannst 2-3 verschidde Genen ze kucken, sou datt de Risiko vu falsch negativ Resultater geréng ass. D'Gesondheetsdirektioun an den LNS hu säit Ufank vun der Crise eng 5-10% vun de positiven Tester sequenzéiert, woubäi een e puer honnert Mutatiounen a 7 verschidde Varianten entdeckt huet. Déi B.1.1.7 Variant aus Groussbritannien war bis elo nach net dobäi.

De Virus ass och schonn um europäesche Festland (Holland, Italien, Dänemark a wahrscheinlech och schonn an der Belge), a Lëtzebuerg muss sech dorop astellen, dass des Variant, wann si sech da weider sou séier ausbreet wéi a verschiddene Géigenden a Groussbritannien, och fréier oder spéider bei eis optauche wäert.

Wäert d'Regierung, esou wéi eis Nopeschlänner, Passagéierfluchverbindungen tëscht Lëtzebuerg an dem Vereenegte Kinnekräich bis op Weideres sträichen?

Zur Zäit ginn et 4 Fluggesellschaften déi Lëtzebuerg vum Vereente Kinnekräich aus ufléien: d'Luxair, Ryanair, Easyjet a British Airways. Dofir war et wichteg, eng generell Décisioun ze huelen.

Am Laf vum Sonndeg 20. Dezember 2020 hunn d'Gesondheetsministesch, de Mobilitéitsminister an den Aussen- an Europaminister sech concertéiert an hunn décidéiert, direkt ze handelen. Et hunn och Concertatiounen mat den Nopeschlänner an op EU-Niveau stattfond.

D'Regierung huet doropshin den 20. Dezember am Nomëtteg annoncéiert, datt vu Mëtternuecht un all Passagéier-Volen, déi aus Groussbritannien kommen, fir op d'mannst emol 24 Stonnen suspendéiert ginn. Dës Mesure ass och der EU-Commissioun notifizéiert ginn.

Den 21. Dezember huet d'Regierung décidéiert d'Fluchverbot vu Groussbritannien op Lëtzebuerg provisoresch bis den 3. Januar mat abegraff ze verlängeren.

En vue vun der Evolutioun kënnen, opgrond vun den Erkenntnisser, zu all Moment nei Mesüren décidéiert ginn.